

# Rett eis Äerd!

## 1. Szen:

De Rido ass zou. Virun dem Rido leien zwou Decken um Buedem. Zee Kanner am Pijama komme virun de Rido op d'Bühn, dat eent streckt sech a gaabst.

Vero: Oh mei, wat sinn ech midd!

Vera: A vu wat bass du dann esou freckt?

Vero: Ma mar hu mir dach déi schwéier Vokabelsprüfung, zwanzeg Säiten am gringen Heft, iwwer 600 Vokabelen: franséisch-franséisch! An ausserdeem, freckt seet ee net, dat heescht futti!

Vera: Nondikass, elo hat ech dat iewer bal vergiess! So hues du däin Heft net zoufälleg derbäi? Da kënt ech do grad emol eraluussen!

Vero: So, Vera, ech mengen do hues se net all der Reih no! Du wäers dach elo net mengen, wanns du gemittlech eng Kéier duerch dat Heft hei blieders, da wéisst du mar déi sëllege Konstruktiounen!

Vera: Konstrükwaaaat! Ass dat ire schon ee Vokabel?

Vero: Ma du bass iewer villäicht een Trampel! Eng Konstruktioun ass eppes ewéi ee Gebei aus Wierder. Do muss een de Sijä huelen, hannendrun de Prädikat tesselen, an da feelt nach jhust e Kompläment a fäerdeg ass eis Konstruktioun simple! Hues de verstanen?

Vera: Also net esou richteg, iewer schon e bëssen! Weess de, haut huet de Claudi mir och ee Kompläment gemaach!

Vero: A nee, Vera, esou hat ech dat iewer net gemengt! Nëmme wat sot hien dann zu dir?

Vera: Ma hie sot, ech hätt schéin Zéiweneel!

Vero: Nun hal iewer op! Wou huet hien dann déng Zéiweneel gesinn?

Vera: Ma Vero, de leschte Méindeg an der Schwämm.

Vero: Ajo, de Claudi huet missen an der Halschend vun der Schwammstonn aus dem Waasser, wëll en op eemol schrecklech aus dem Been gebludd huet.

Vera: Maja, ech hat hie grad giedlech mat méngem Fouss bei der Wued erwëscht. A wéi en dun aus dem Waasser gesprong ass, huet hien esou haart, wéi e nëmme konnt, gebrëllt, ech hätt iewer schéin Zéiweneel, schéi schaarfer! Hues du dat da net héieren? Also d'Michèle hat et och héieren, an hatt war direkt jalous, wëll weess de, hatt wëllt jo schons en halleft Joer mam Claudi goen. Mee hatt krut e nach ni esou ze paacken!

Vero: Oh, Vera, du denks iewer och nëmmen un d'Jongen! Wann ech vun de Komplämente schwätzen, dann denks du eenzock un dem Claudi säi bluddegt Been. Looss mech elo roueg, ech wëll méng Vokabelen nach eng Kéier repetéieren. Du kanns jo scho schlofen, a vum Claudi an dénge wonnerschéinen Zéiweneel dreemen!

Vera: Ah, du bass jo och scho jalous! Ma esou eppes liewt dach net! All si se hannert dem Claudi hier. Mee nëmme mir mécht hien esou Komplämenter! Nuecht, Vero, an dreem schéi vun dénge Konstriksbounen!

Vero: Jo, schlof gutt, Vera. Bis mar, an der Vokabelsprüfung!

D'Vera dréit sech em, a fänkt direkt mat schlofen un. D'Vero hëllt säin Heft nach eng Kéier, fir d'Vokabelen ze widderhuelen. Op eemol héiert een e Geräisch. D'Vero kuckt eng Kéier op, mee wëll elo näischt méi ze héieren ass, léiert hatt weider. Mee do héiert een d'Geräisch nach eng Kéier, ganz däitlech! D'Vero spréngt op an erwecht d'Vera.

Vero: Ohhhh, Vera, hues du dat grujhelecht Geknouters do och héieren?

Vera: Ma nee, Vero! Elo hat ech a méngem Dram de Claudi jhust emäerbelt, an da verziels du mir esou komesch Geschichte vu grujhelech Geknouters! Looss mech weiderschlofen, ech weess net ob ech de Claudi nach eng Kéier esou ze paacke kréien!

Déi zwee Meedercher leën sech erem néier. D'Vera fänkt direkt nees u mat schnaarchen, d'Vero léiert Vokabelen.

Hei do ass d'Geräisch nees, dës Kéier ganz no!  
Déi zwee sprange mateneen op, kucken em sech a verstoppen sech nees séier  
ënnert den Decken. Si luussen eraus.

**Lidd: A wat ass dat?**

Hues du dat héieren  
wat ech erféieren  
ech ka net méi léieren  
ech ka mech net réieren

Oh wat mäin Häerz klappt  
wann et un der Dir rappt  
séier ënnert d'Decke gezappt  
soss hu se dech geschnappt

Wéi ass déi Nuecht esou däischer  
Wéi ass dat Haus esou eidel  
Ech mengen et komme Gespenster  
ech hu keng Rou --- schon halwer zwou!

Wat ee Gerabbels,  
an ee Gebabbels,  
esou ee Gebraddels,  
an ee Gesabbels.

Do gött gehummert,  
huet do ee geduddert,  
oh, wat et mech schuddert,  
séier zesumme gekluddert.

Wéi ass déi Nuecht esou däischer  
Wéi ass dat Haus esou eidel  
Ech mengen et komme Gespenster  
ech hu keng Rou --- schon halwer zwou!

**2. Szen:**

Virum Rido tauchen 2 Marsmännercher op.

Déi 2 Meedercher brëllen esou haart wéi se nëmme kënnen a krauche ganz  
ënner d'Decken.

D'Marsmännercher kucken sech un, a ginn op d'Meedercher zou.

Mat engem Ruck zéien si d'Decken eweg, d'Meedercher huelen sech an den  
Arem an zidderen.

D'Marsmännercher sangen d'Trance-Lidd

Chirurgie, Autopsie,  
Anomalie, Logopädie,  
Dysbasie, Therapie,  
Schizophrenie, Psychiatrie,  
Dyslexie, Anorexie,  
Radiographie, Tata Ugenie.

Esou versetzen si d'Meedercher an Trance. Elo geet de Rido op. D'Bühn ass  
d'Kapsel vun enger Rakéit, déi start, wann déi 4 dobanne sinn.

Rob1: Ten, nine, eight, seven, six, five, four, three, two, one, zero, ... fire!

Vera: Ech kann et nach guer net gleewen, Vera, mir fléien an enger richteger  
Rakéit!

Vero: Esouvill Knäppercher a Schalteren, do kann dach kee Mensch méi  
Bescheed wëssen!

Vera: Ech fannen dat hei jiddefalls méi cool, wéi déi topech Vokabelsprüfung  
mar!

Vero: Haut!

Vera: Wat heescht dat, haut?

Vero: Ma et ass elo scho laang no Mëtternuecht! Also maache mir haut  
d'Vokabelsprüfung!

Vera: Haut oder mar, dat ass dach egal! Wéi et elo ausgesäit, maachen ech  
iwwerhaupt keng Vokabelsprüfung, weder haut, nach mar! Nëmme kuck der déi  
komesch bleche Béxen emol un. Sou eppes hunn ech iewer nach ni gesinn!

Vero: Ma dat si Roboteren. Ech hu mir e Buch iwwer d'Roboteren an der  
Schoulbibliothék ...

Vera: Sief roueg! Wanns du nach eng Kéier dat Wuert Schoul an de Mond hëls, da katapultéieren ech dech an déi onendlech Wäite vum Universum. So kuck dach nëmmen, hei ass dach eppes lass, hei ass et méi flott wéi an dénger blöder Schoulbibliothék. Sou, an elo froen ech emol, wat déi Jonge gäre vun eis hätten. He, du komesch Sardinnebék, ... , so brauchst du net nozelauschten? ... jo, du, ech schwätze mat dir ...

Vero: Vera, looss en, villäicht ass e geféierlech!

Vera: Deen a geféierlech! Kuck der dee rabbelechen Aarmut dach nëmmen un!

D'Vera geet bei de Roboter 1 a klappt him uerdentlech op de Réck.

Vera: So bass du daaw? Kannst du net äntweren, wann een dech eppes freet?

Rob1: Ech si net daaw, mee ech hat méng Oueren op Standby!

Vero: Vera, da looss en dach roueg, ech fäerten.

Vera: Maja, du Rabbelkapp, da schalt déng Lauschtermaschine nees an, an e bëssen dalli, wann ech gelift!

Rob1: Lauschterprogramm starten!

Rob2: Lauschterprogramm leeft!

Rob3: Autodolmetscher leeft!

Rob4: Feeler am Autodolmetschersystem!

Rob5: Du muss mat Doppeltlitt an de Programm, du Tallef!

Vero: Dat heescht net Doppeltlitt mee Doppelklick! An ausserdeem ass et Kallef a net Tallef, du Iesel!

Rob6: Mir soen elo schon zënter 300 Joer Tallef!

Rob7: Tallef war Tallef, Tallef ass Tallef an Tallef bleiwt Tallef! Ass dat tloer?

Vera: Also du rabbelkappege Schrottkoup, wa méng Schwëster seet, datt do e Ka a keen Te komme muss, da kannst du messerschaarf dovunner ausgoen, datt dat esou ass. Hat ass nämlech éiweg dat éischt an der Schoul, a wann et em

d'Bustawéiere geet, mécht keen him en Te fir e Ka vir! Hues du dat verstan, du Topert?

Rob4: Wat ass e Kopert, Kopert fannen ech net am Listing?

Vero: Kanns du och net fannen, wëll et en Te a kee Ka huet!

Vera: Krass, eng Schrottmille mat Sproochfeeler!

Rob3: Feeler am Autodolmetschersystem!

Vero: Hues de elo endlech verstanen?

Rob1: Gesäis de, Cyron, ech hat der jo gesot, datt déi zwee elo eis kënnte ganz nützlich sinn!

Rob2: Korrektur am Autodolmetschersystem!

Rob3: Ka gestrach!

Rob4: Duerch Te ersat!

Rob5: Tee gestrach!

Rob6: Duerch Ka ersat!

Rob7: Korrektur gesaved!

Vera: Hues de héieren, Vero, elo huet e Ka gesot!

Vero: Här Cyron, Dir hutt keng Manéieren! Wann een sech kenneléiert, da stellt een sech gefällegst vir!

Vera: Maja, dir Kaffisdousen, wéi heescht dir dann iwwerhaupt?

Robochouer:

Rob2: Cyron:

Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Cyron kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn de Käpten vun deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd eroberen

Rob1: Anatom:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Anatom kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn de Funker vun deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd eroberen

Rob3: Elektron:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Elektron kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn de Chauffeur vun deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd eroberen

Rob4: Metronom:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Metronom kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn den Techniker vun deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd eroberen

Rob5: Microphon:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Microphon kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn den Dokter vun deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd eroberen

Rob6: Agronom:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
Ënnert Agronom kënnt dir mech fannen,  
Ech sinn den Informatiker vun deem schéine Schëff hei,

An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd erobere

Rob7: 't ass een Hoon:  
Bonjour, dir Hären an dir Dammen,  
't ass een Hoon, wëll dir kënnt mech net fannen,  
Se hu keen Numm méi fond op deem schéine Schëff hei,  
An elo ginn ech nees a méng Rei.

Ref: Mir si Weltraumroboteren,  
a mir wëllen d'Äerd erobere

### 3. Szen:

Vera: Ma esou hunn ech iever scho laang net méi gelaacht! Déi schappeg Rabbelkëschte wëllen d'Äerd erobere! A wéi stellt dir iech dat da vir?

Rob2: Dat ass ganz einfach!

Vero: Ma léiwen Här Cyron, dat ass guer net einfach!

Rob2: Dat ass ganz einfach!

Vera: So ech mengen, bei dir piipst et net méi richtig! Du wäers dach net soen, mat déngem Grappvoll bëselegen Terminator-Imitatiounen kënns du eis den Arem béien!?!

Rob2: Dat ass ganz einfach!

Vero: Här Cyron, elo sidd Dir iever wirklich stuer wéi e Bauer aus eisem Éisléck!

Vera: Looss e nëmmen, Vero! Deen do weess dach emol net wat d'Éisléck ass!

Rob2: D'Éisléck ass eng ausgedeenten Héichfläch am Norde vum Lëtzebuurger Land!

Rob1: Mat enger mëttler Héicht vu 500 Meter!



Rob3: Eenzel flaach Hiwwele sti plazeweis iwwer d'Héichfläch eraus.

Rob4: Et sinn dëst de Napoleonsgaart, de Schwaarzenhiwwel an d'Buergplaz!

Rob5: D'Buergplaz bei Huldang ass mat 559 Meter iwwer dem Mieresspiegel den héichste Punkt vum Lëtzebuurger Land.

Rob6: Haut fanne mir op der Héichfläch virun allem Felder a Wisen.

Rob7: D'Bëscher fanne mir an der Regel un den Ofhäng ...

Vera: All Respekt, Jongen, dir hutt gutt geléiert, ech si platt!

Vero: Här Cyron, ech si ganz zefridde mat Ärem Wëssen, nëmme wann der esou gescheit sidd, da musst dir dach och wëssen, datt dir absolut keng Chance hutt, fir eng Kéier Här a Meeschter op der Äerd ze ginn!

Rob2: Dat ass ganz einfach, mir brauche nëmme ze waarden.

Vera: Elo schwätzt en erem a Rätselen! Vu mir aus kann en och op den Ouschterhues oder op Mokuchsdag waarden!

Vero: Jo, Här Cyron, do huet méng Schwester Recht! Mat Ofwaarden kann en dach näischt errechen!

Rob2: Mir brauche nëmme ze waarden!

Vera: Deen huet se net méi all, deen huet en Drot aus der Mutz!

Vero: Här Cyron, wann dir elo net gläich erklärt, wat dir wëlles hutt, da verléieren ech méng Contenance!

Rob2: Fir d'Äerd ze erobere brauche mir keng Revolveren, keng Gewierer an och keng Bommen! Mir brauche nëmme Gedold. Wëll an e puer Joer gëtt et keng Mënsche méi op der Welt; dann hu si sech selwer embruecht! Esou no virun eisem Ziil wéi elo ware mir nach ni! Kuckt emol hei:

Rob 7: Autos-, Fabriks- a Privatofgasen belaaschten d'Loft ëmmer méi, d'Leit gi krank an d'Bëscher stierwen. An deene leschte Joeren huet sech d'Ozonlach diermoosse vergréissert, datt et geféierlech ass, sech an d'Sonn ze leën. Den Treibhauseffekt gëtt ëmmer méi staark an d'Naturkatastrofen huelen zou!

Rob1: D'Atomkraaftwierker stelle net nëmmen ee grouse Risiko fir d'Mënschheet duer, mee de radioaktiven Offall, deen an d'Mierer geschott gëtt, strahlt nach joerdtausendelaang; haut kann een op ville Plaze net méi schwamme goen.

Rob3: Wäit iwwer 8 Milliarde Mënsche liewen am Moment op der Äerd. Méi ewéi d'Halschend dovunner muss Dag fir Dag Hunger leiden, wëll déi ganz Räich deene ganz Aarme net hëllef wëllen.

Rob6: D'Dreckstipper op der Äerd ginn ëmmer méi grouss! Geschwë weess kee méi wouhi mat all deem Knascht an dann erstéckt d'Mënschheet an hirem eegenen Dreck!

Rob4: Zënter et Mënsche gëtt op der Äerd, gouf et och ëmmer Krich! Dat beweist, datt d'Mënsche net verstänneg genuch sinn, fir a Fridden zesummen ze wunnen, an datt se dofir och net all déi Problemer léise kënnen, déi si fir hiert Iwwerliewe léise missten.

Rob2: An dat do sinn d'Ursaache nach laang net all, firwat datt mir eis elo freë kënnen!

Vera: Freën!!! Iwwert all dee Misär wëllt dir iech och nach freën?!?!

Misär:

Eis Welt déi ass krank  
a mir sinn all dru Schold  
Si waarde nëmmen drop  
datt alles futti geet

Mir ginn eis net eens  
mir streiden ze vill  
Bis datt dann iwverdeems  
eis Welt ënnergeet

Dat Schlëmmst bei der Saach  
mir wëssen all Bescheid  
an trotzdeem ännert keen  
eppes un deem Misär!

Zum Schluss vum Lidd schlofen se all an.

#### 4. Szen:

Vera: So, Vero, elo hunn ech gedreemt, mir kéime ni méi fort vun hei.

Vero: Ah, esou wäit muss et also kommen, bis du dommt Bëtschel eng Kéier net vun déngem léiwe klenge Claudi dreems.

Vera: An du bass nach ëmmer jealous.

Vero: Dajee, loosse mir elo net och nach ufänke mat streiden! Däi komesche Claudi ass mir souwisou complètement egal!

Vera: Vero, ech verlaangere no der Mamm a nom Papp! Wéini komme mir erem heem?

Vero: ´tjo, fir dat kënnen ze soen, misste mir scho wëssen, wat déi Hären hei mat eis wëlles hunn.

Vera: Näischt méi einfach wéi dat: elo erwächen ech déi Borschten emol, an da gi se einfach gefrot!

Hatt geet un ee vun de Robotere rappen, nëmmen deen erwächt net. Hatt probéiert et nach epuermol, mee nees geschitt näischt.

Vera: Aha, hei ass d'Noutbrems! Ech mengen, wann ech dorunner rappe ginn, da kommen déi verraschte Schlofmutze nees zou sech!

Hatt zitt un der Noutbrems, an duerch Gestuckels erwächen d'Roboteren.

#### 5. Szen:

Rob1: Wat ass geschitt?

Rob2: Et huet een d'Noutbrems gezunn!

Rob3: Séier Agronom, Hypermegabeschleunegung...

Rob4: Mir sinn erem um Kurs!

Vera: Esou, dir Rabbelkäpp, elo eraus mat der Sprooch, wat hutt dir wëlles mat eis?

Rob5: Ma dat ass ganz einfach!

Rob6: Jo, ganz einfach!

Rob7: Immens einfach!

Rob1: Mee ech weess et net méi!

Rob3: Et ass gutt, datt d'Mënsche vum selwen ausstierwen, mat esou Nulle wéi iech, ginge mer et net packen, d'Äerd ze eroberen!

Rob2: Mir hunn iech gekidnäppt, wëll dir eis e puer vun deene gudde Säite vun de Mënsche bäibréngen sollt!

Vero: Här Cyron, dat do ass iever elo net logesch! Virdrun hutt dir nëmme vun deene schlechte Säite geschwat, an elo wëllt dir op eemol eppes vun eis léieren!

Vera: Logesch oder net, ganz egal! Wat soll ech der weisen, du aarmséilege Méckeroboter?

Rob2: Mir hu schons dachs nogekuckt, datt d'Mënsche Fester zesumme gefeiert hunn, wou se schéi Geräischer vu sech ginn an op eng flott Manéier doruechter trëppelen.

Vero: Déi Geräischer nennt ee Musék, an dat Trëppelen ass Danzen.

Rob4: A jo, mir wëllen och sängen an danze léieren!

Vera: Ah, domadder kann ech déngen! Ech weess e mega fantastescht Danzlidd!

Vero: A nee, Vera, ech weess scho wat dass du sange wëlls. Mee ech fannen dat Lidd einfach net distinguéiert genuch fir déi Hären elei!

Vera: Distin... ech weess net wat dat bedeit. Ech weess nëmme, datt wann eise Schoulmeeschter et mat eis an der Schoul léiert, da kënne mir et och hei sängen, ODER???

De Kiirmesjhang

De Jhang dee geet an de Bësch  
de Jhang dee geet an de Kiirmesbësch  
Widdi-rassasa widdi-rassasa  
De Jhang dee geet an de Bësch  
Jo de Jhang dee geet an de Bësch

Wat mécht hien an deem Bësch ...

De Jhang dee mécht eng Fäsch ...

Wat kritt hie fir déi Fäsch ...

En Daler an eng Drëpp ...

Wat mécht hie mat dier Drëpp ...

De Jhang dee säift sech voll ...

De Jhang dee mécht an d'Box ...

Oh Mod bréng du eng Lomp,  
Oh Mod bréng du eng Kiirmeslomp,  
Widdi-rassasa, widdi-rassasa  
Oh Mod bréng du eng Lomp  
A botz dem Lëmmel d'Lach!

Vera: Super, Jongen, richtig cool hatt dir gedantz. Eng Sekonn, ech huele nach séier mäi Kassetterecorder, da weisen ech iech emol, wéi een Techno dantz!

Vero: Looss se sech emol erblosen! Si kënne jo net méi japsen.

Hatt flüstert dem Vera an d'Ouer:

Vero: Kuck, dohannen ass den Haaptschalter vum Zentralgenerator, wanns du et fäerdeg bréngs, dee no ënnen ze drécken, da bougéieren se net méi!

Vera: Elo si mer gerett, ech schläiche mech dohinner.

D'Vera kënnt ëmmer méi no bei de Schalter, mee am leschte Moment paackt ee Roboter séng Hand.

Rob4: D'Fangeren ewech!

Rob2: Huel et fest an an de Prisong mat him!

Vero: Oh Här Cyron, loosst hatt nëmme goen, ech kann iech nach vill schéi Saache vun de Mënsche weisen!

Rob2: A wat dann, allez, loosst et lass!

Vero: Emm, ... also, ... Dëschmannéieren!

## 6. Szen:

Rob2: Dëschmannéieren, wat ass dat?

Vero: Fir datt d'Mënsche wuesse kënnen, schaffe kënnen a gesond bleiwen, musse si iessen! A bei deem Iesse behuelen si sech ganz besonnesch, an dat Behuelen nennt een Dëschmannéieren!

Rob6: Ech mengen, d'Mënsche behuelen sech net nëmme bei Dësch ganz besonnesch!

Rob7: Bis mir esou geckeg sinn ewéi d'Mënnchen, musse mir nach vill léieren. Solle mir net léiwer en anere Planet erobere?

Rob2: Also wéi ass et dann elo mat deenen Dëschmannéieren? Wat muss een do man?

Vera: Vero, ech mengen, dat muss du hinne weisen, do sinn ech net esou gutt dran!

Vero: Maja, Här Cyron, hutt dir da näischt z'iessen elei?

Rob2: Natiirlech hu mir eng Tankstell hei, kuck do ass de Stecker, dee brauchst du dir nëmmen an déng Steckdous ze krämpen, de Schalter op 567 Volt ze stellen, an da fills du dech nees esou fit wéi neigebuer!

Vera: Also, Cyron, du bass iever nu wiirkelech deen dommste Roboter dien ech a méngem ganze Liewe gesinn hunn! D'Mënsche sinn dach net opgeluede wéi eng Batterie, si iessen, ... Pizzaen, Hamburger, Spaghettien, an ... Pizzaen, ... also, eben hiert ganz Iessen. A net an d'Steckdous, mäi Männchen, mee elei eran!

Vero: Kuckt hei, Här Cyron, dëst nennen d'Mënsche Wirschtercher, an déi hu se ganz besonnesch gär. Ech weisen Iech elo, wéi een déi mannéierlech ësst!

D'Vera hëllt ee vun de Wirschtercher a bäisst einfach dran. D'Vero schléit him op d'Fanger.

Vero: A nee, Vera! Du bass iewer onverbesserlech! Elo sollte mir hinnen hei weisen, wéi ee mannéierlech ësst, an da weist du hinne genee de Konträr! Elo iewer richtig: Voilà, dir Hären, huelst iech fir d'éischt ee Wirschtchen op den Teller, mee net mat de Fangeren, mat der Forschett!

Gutt, an elo schneid der mam Messer e klenge Stéck erof ... nee, dir musst d'Messer an déi riets Hand huelen, an d'Forschett an déi lénks ... esou ass et gutt ... elo huelst dir e klenge Maufel an de Mond, an da knat dir e gutt duerch ... nee, dobäi däerf ee keng Geräischer héieren, net aus dem Mond ... an och net vu soss anzwousch ... gediert Här Cyron!

Iwwer dem Schwätze weist d'Vero dem Vera, hatt soll probéieren, heemlech bei de Schalter ze schläichen, an dien ze zéien ... elo ass hatt jhust virdrun:

Rob4: D'Fangeren ewech!

Rob2: Ah elo hunn ech verstan! Déi ganz Dëschmannéieregeschicht war fir eis ofzelenken! Dat hat dir iech gutt geduecht! Dien domme Cyron wäert scho näischt mierken, an dann heemlech de Schalter gedréckt, d'Roboteren ausser Betrib gesat, an dann erem séier heem bei d'Mamm. Awer net mat mir! Fesselt se, späert se an, foltert se!

Vera: Oh Cyron, ech weess nach e schéine Witz ...

Rob2: Schluss, aus méngen Aen ...

Vera: Oder nach ee wonnerbaart Liddchen ...

Rob2: Kee Witz, kee Lidd!

Vera: Wou ee schéi kann derbäi danzen ...

Rob2: Kee Wuert méi, bréngt mer méng Laserkanoun! Sou, bei dräi huet är lescht Stonn geschlo!

Vera: Nee!

All Rob: Een!

Vera: Nach eng Kéier de Kiirmesjhang ...

All Rob: Zweek!

Vero: Här Cyron, wann Dir eis elo hei embréngt, da gitt Dir ni dat schéinst, dat wichtechst, dat wonnerbaarst vun de Mënsche gewuer!

Rob2: Ech loosse mech net méi vun iech beschwätzen!

Vero: Dréck of, an du gëss ni Meeschter vun der Äerd!

Lues léisst de Cyron séng Kanoun erof; hie geet bei d'Vero.

Rob2: Ech schenken dir d'Liewen, wanns du mech zum Meeschter vun der Äerd méchs!

Vero: Mee et ass net einfach, du muss schrecklech vill üben!

Rob2: Wat ass et?

Vero: Du muss et wëllen, an u näischt anescht méi denken!

Rob2: Wat ass et?

Vero: Vill hunn et scho probéiert, an déi mannst hunn et gepackt!

Rob2: Eraus mat der Sprooch, wat ass et?

***Hei kënn Dir gratis déi lescht Versioun  
bestellen:  
meyerr@gms.lu***